N° 6693
Entrée le 25.08.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6693 vum 22. August 2022 vum Här Deputéierten Roy Reding an vum Här Deputéierten Fred Keup.

Mat hirer parlamentarescher Ufro wëllen déi Deputéiert Keup an Reding sech iwwert den méiglechen Ausbau vum Tram an der Neipuertsgaass informéieren.

An deem Zesummenhang ass et wichteg ze betounen dass et nach keen definitiven Tracé gëtt an mer am Moment an den Virétuden sinn. Et gëtt am Moment eng komparativ Analyse gemaach vun villen Varianten, fir erauszefannen wéi eng déi bescht ass. Et ass am deem Kontext deemno och falsch ze soen dass virgesinn ass Beem ofzeholzen, déi bestoend Trassen just ze tangéieren oder Deeler vun der Festungsanlagen ze zerstéieren.

D'Equipen vu Luxtram hunn an der Vergaangenheet schonn oft bewisen, dass sie och op sensibelen Trassen eng méi schéi Stad hannerlooss hunn wéi se virum Tram war an dass eng Mobilitéitsoffer verbesseren an am selwechten Otemzuch eng Stad Begréngen net am Widdersproch stinn. Och mat wichtegen archeologeschen Entdeckungen, wéi beispillsweis der Glaciskapell, ass een exemplaresch virgaangen an den Bau vum Tram huet et erlaabt dass Historiker an Archeologen elo méi iwwert eis Stad wëssen wéi nach virum Bau vum Tram.

D'Neipuertsgaass wäert keng Ausnam ginn an mam selwechten "Etat d'esprit" emgeplangt an ëmgebaut ginn wéi d'Tramslinn déi elo schonn a Betrib ass. D'Neipuertsgaass an d'Entrée vum Staater Park wäerten no den Aarbëschten méi schéin hannlerlooss ginn wéi se virfonnt goufen.

Lëtzebuerg, de 25. August 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch